Ried vun der Madame Arlette LOMMEL - 23. Oktober 2024

Här Chamberpresident, Madame Minister, e grousse Merci dass dir Iech d'Zäit geholl hutt haut, bei der 4. Iwwerreechung vun der Rucksakbibliothéik, bei eis ze sinn

léif Madame Maisy Ginter-Bonichaux, léiwen Här Albert Worré, och Iech Merci dass dir mat ären 100 resp. 97 Joer drop gehalen hutt als Zäitzeie bei eis ze kommen an dono beim Patt bereet sidd op ev. Froen ze äntweren.
Här Direkter vum Conservatoire, Här Generalvikar, Här Direkter vum Musée national de la Résistance et des Droits humains,
léif Presidentin, Vizepresidenten an Membere vum CM2GM mam Chef vum Service Memoire, léif KollegInnen a Kolleegen vun den UNESCOschoulen mat hirer Nationalkoordinatorin an de Membere vun der UNESCOkommissioun mat hirer Presidentin a Generalsekretärin, Dir Dammen an Häre Presidente vun den Amicallen Hinzert, Mauthausen, Sachsenhausen an dem Centre Cinqfontaine a last but not least, Dir Damen an Häre Schouldirekteren a Presidente vum Schoulcomité, léif Vertrieder vun ärer Schoulgemeinschaft, léif Pädagogen, léif Schüler, léif Elteren,

De Projet Rucksakbibliothéik, vun de Schoule fir d'Schoulen, ass 2017/18 entstanen an d'Roll ups, déi dir hei gesitt, sollen e klengen Iwwerbléck iwwer d'Zieler vum Projet ginn an zugläich och e Réckbléck sinn. Eng Rucksakbibliothéik, déi vu Joer zu Joer wiisst an domat och Diversitéit u gesammelten Informatiounen iwwert den 2. Weltkrich, och Erënnerungen, Gedanken, Expressiounen, Biller a Gefiller, Beispiller vu mënschlechem Verhalen, Biografien, all anescht all wichteg, wéi onendlech vill Facettë vun engem Riesendiamant, déi ureegen, sensibiliséieren an zum Nodenken an zur Verdéiwung invitéieren, an all zesummen de Räichtum vun der Rb ausmaachen.

Reech d'Fakel weider, heescht de Projet… wéi eng Fakel?
d' Fakel vun der FRÄIHEET an dem FRIDDEN
vun der Erënnerung u Verbriechen, Onmënschlechkeet an Zerstéierung
d'Fakel vun der Mënschlechkeet
der Verantwortung als Weltbierger an dem Asaz fir deen Aneren a fir Woueregt a Gerechtegkeet

Och d'Fakel vun der FRÄIHEET net ze maache wat een net well an ze ma wat een, am Numm vun der Mënschlechkeet, ënnert dem Faschismus net dierf maachen…
Mir verstinn et als eis Missioun, als Membere vum Comité pour la M2GM a ganz besonnesch vum Aarbechtsgrupp Pédagogie et Sensibilisation, als Vertrieder vun den 3 Communautéiten, der Jiddescher, den Zwangsrekrutéierten an der Resistenz, eis zesummen, anzesetzen dass déi Fakel vu Mënsch zu Mënsch, vu Schüler zu Schüler, vu Schoul zu Schoul, vu Generatioun zu Generatioun ka weidergereecht ginn.
An dobäi spillt d'Educatioun, eng wesentlech Roll, fir zesummen nozedenken, probéieren ze verstoen an zesummen, am Respekt an an der Fräiheet, ze léieren am Fridden ze liewen an als verantwortungsvolle Weltbierger ze handelen.

Op de Ruine vum 2. Weltkrich gouf d'UNO, d'UNESCO, de Réseau vun den UNESCOschoulen opgebaut, ass d'Mënscherechtserklärung geschriwwe ginn, Organisatiounen hunn sech agesat a setzen sech an: géint d'Vergiessen
Ni méi esou eng onverschimmte Verletzung vun der Dignitéit vum Mënsch, d'lieux de mémoire, - Auschwitz, patrimoine mondiale vun der UNESCO, als Spuere vun der Gewalt erhale fir zukünfteg Gewalt z'évitéieren.

Net vergiessen an d'Warnungen an d'Léieren aus déier deischterer Zäit eescht huelen, ganz besonnesch haut, an enger Welt vu quasi ongebremster Eskalatioun vu Gewalt, well d'Zukunft ass de Spigel vun der Vergaangenheet, grad wéi mënschlecht Verhalen, bleiwen och d'Wäerter di selwecht, d'éiweg Wäerter.
D'Fakel vun den éiwege Wäerter weiderreechen an an eise Schoule Friddens- a Mënscherechtserzéiung als iewescht Ziel definéieren.

4 Schoule wäerten eis haut, alt rëm eng Kéier beweisen, datt si sech dat Ziel gesat hunn, an ouni Méi ze scheien, souwuel am schouleschen Alldag, wéi duerch besonnesch fachiwwergräifend Aktivitéiten, virliewe wat dat bedeit.
(Powerpoint) 18 Schoulen am Ganzen, op aus dem Secondaire, dem Fondamental oder der Erwuessenebildung hu schonn bis elo matgemaach oder wäerten, en Attente vun der Rucksakbibliothéik, matmaachen.

Mënscherechts-an Friddenserzéiung ass z. B. sou fréi wéi méiglech, léieren sech an deen Aneren anzefillen, säi Point de vue ze changéiere fir deen Anere besser ze verstoen a respektéieren ze kënnen a fir de Blëckwenkel mi wäit ze riichten, iwwer den eegene Standpunkt, d'eegent Interessi, iwwer säin Ego wech, op deen Aneren, op di Aner fir och am Interessi vum kollektive Wuel ze handelen.

D'Fakel weiderreechen, d'Flam weiderleeden an domat di ustiechend Kraaft an den déiwe Sënn vun dëser Missioun, der jonker Generatioun weiderzeginn, dass si net mengen et wier alles gro, alles net esou einfach, alles Zoufall, sënnlos oder aussiichtslos. Neen dass all eenzelnen vun eis eng Verantwortung dréit an d'Fräiheet huet, säin eegene Wee ze wiele fir: net wechzekucken, opzestoen, sech anzesetzen an zesummen dat Onméiglecht, méiglech ze man an domat souguer vläit dem Liewen e Sënn ze ginn, z.B.sou wéi en Ed. Barbel oder Albert Wingert dat net besser hätte formuléiere kënnen, well si verstanen hunn, well si um eegene Leif erfueren hunn, wat et bedeite kann sech voll z'engagéieren.

Telle est la force morale et la virginité d'une conviction qu'elle arrive à faire des miracles, seet den Albert Wingert 1946 an enger Ried u seng Schoulmeeschtechkolleegen, *Nos morts ne sont pas rentrés indemnes, quoique victorieux*, adresséiert hien sech zugleich u seng Kollegen vun Hinzert, deenen hie probéiert huet 1942 duerch d'Gitter d'Hand ze drécken, kuerz virun hirem Dout. Vous saviez bien que la vie n'a plus de sens d'être vécue quand les valeurs sont détruites, qui seules la rendent appréciables…

Oder den Ed. Barbel, 1969, beim Hinzerter Kräiz, wärend der Aweiung vum Monument national de la déportation : *Ils restaient persuadés jusqu'au dernier moment de leur vie, que la mort elle-même ne pourrait rien contre le rayonnement de leur action, qui traverserait les ténèbres des sapinières brumeuses de Hinzert…*

Mir, 2.3.4. Generatioun, all Eenzelnen vun eis, ass just e ganz klenge maillon an enger onendlechlaanger Ketten, mais bei aller Bescheidenheet, dierfe mir awer net vergiessen, dass mir d'Fräiheet hunn, zesummen eppes Grousses kënne fäerdeg ze brëngen, eppes Bedeitungsvolles, genee esou wéi d'Schoulen eis dat haut, alt nees, wéi schonn sou oft, beweise wäerten.

Probéieren ze verstoen an aus dem Fonken e Freedefeier entstoen ze loossen, e Feier vu Motivatioun, Engagement a Wäermt, vu Kraaft, Verstes de mech, Afillen a gedeelter Freed…Och wann et engem eigentlech fir ze kräische wier…

Dir hutt d'Wuert léif Schülerinnen a Schüler!